

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am Artikel „*Angst vor britischen Verhältnissen*“, den de 4. Januar am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt Lëtzebuerg aktuell am Gaangen ass lues awer sécher mat engem Mangel u Camionschauffeure konfrontéiert ze ginn, deen déi nächst Joren weider wäert zouhuelen. Nieft dem bekannte Probleem vun der EU-Reform vun de Cotisatioune no Wunnsätz bei Berufsschauffeuren, gi véier weider Beräicher ugefouert, déi d'Situatioun weider verschäerfen:

- Déi dacks Baustellen op de Raststätte laanscht d'Autobunnen. Oft kommen d'Fuerpläng vun de Firmaen duercherneen, well de Chauffeur seng virgeschriwwen Pausen a Rouzäiten ënnerwee net sou anhale ka wéi geplangt, well déi entspreichend Raststätte onerwaart duerch e Chantier blockéiert oder ageschränkt ass.
- Den héijen Ausbildungsalter vun 21 Joer
- Déi laang Waardezäite bis zur Formatioun um Colmer-Bierg, vun aktuell ronn 10 Méint
- Déi ganz komplizéiert COVID-Restriktiounen, déi notamment fir Chauffeuren aus Osteuropa vill Zousazopwand bedeuten, well si dacks mam Sputnik geimpft sinn, deen si zu Lëtzebuerg net unerkannt kréien an hei op der Plaz Schwieregkeeten hunn, fir mat hirem Camion bis bei en Testzentrum ze kommen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) A wéi engem Délai ginn d'Baustellen op de Raststätte laanscht d'Autobunnen (sauf urgence) geplangt an un déi betrafte Firmaen, respektiv eng zoustänneg Koordinatiounsinstanz kommunizéiert, fir, datt d' Faarte mat den obligatoreschen Paus- a Rouzäite vun de Chauffeuren zouverlässeg am Virus geplangt kënnen ginn?
- 2) Wéi ass déi Decisioun motivéiert, datt jonk Leit de Camionsfürerschäin zu Lëtzebuerg réischt mat 21 Joer kënnen maachen? Entsprecht dës Norm där vun eisen Nopeschlänner? Falls net, gëtt eng zäitno Gesetzesännerung envisagéiert?
- 3) Plangt d'Regierung eng zäitno Erhéijung vun de Kapazitéite vum CFC um Colmar-Bierg? Falls net, firwat net?
- 4) Kéint d'Regierung sech eng sektoriell Unerkennung vun Impfzertifikater virstellen, déi iwwert déi hei am Land allgemeng unerkannten Impfzertifikater erausgeet, dat méiglecherweis och ënner Konditiounen, zum Beispill, datt déi Impfzertifikater déi op Basis vum Sputnik V ausgestallt goufen, nëmmen am Kader vun der Ausübung vu berufflechen Aktivitéite gültig sinn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 5508 vum 17. Januar 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen am Zesummenhang mat de Schwieregkeete vun den Transportentreprise fir nei Camionschaufferen an ze stellen.

- **Ad 1 :**

D'Baustellen op de Raschtplaze laanscht d'Autobunnen (sauf Urgence) ginn, wéinst den Delaien, déi d'Prozedure vun den ëffentlechen Ausschreiwunge mat sech bréngen, an der Reegel schonn e Joer am Virus geplangt. De geneeën Oflaf vun den Aarbechte gëtt dann 2-3 Méint am Virus geplangt.

Et gëtt alles versicht, fir datt d'Baustellen op de Raschtplaze laanscht d'Autobunnen an sou engem kuerzen Zäitraum ewéi méiglech realiséiert ginn, ouni qualitativ Aspuerungen ze hunn.

Zousätzlech ginn am Prinzip d'Chantieren ausserhalb vun den Haaptbeleeungszaite vun de Camionsparkplazen duerchgezunn, sprécht: An der Woch, mat Preferenz Dënschdes, Mëttwochs a Donneschdes, domat d'Parkplaze fräi si wann d'Camionneuren de Weekend hir grous Rouppause maache mussen. Och gëtt ëmmer just een Deel vum Parking fir d'Aarbechte gespaart, sou dass zu jidder Zäit en Deel vun de Parkplazen opbleift. Dëst ebe just fir weder d'Camionneuren nach d'Concessionnairen, iwwert d'Mooss ze stéieren.

D'Informatiounen zu de Baustelle ginn de Concessionnairë vun den Tankstellen 3 Wochen am Virus matgedeelt. Fir d'Camionneuren iwwert déi kommend Aarbechten z'informéiere, ginn Affichë fir d'Concessionnairë gedréckt, déi an de Keesen opgehaange solle ginn, grad sou wéi och Flyeren, déi un d'Camionneure verdeelt kënnen ginn.

Och ginn d'Informatiounen zu de Baustellen op de Raschtplaze laanscht d'Autobunnen, grad sou wéi déi aner Baustellen och, um Site www.cita.lu ugewisen. Zousätzlech ginn d'Informatiounen, do wou et Sënn mécht, och op de CITA's Panneauen ugewisen.

- **Ad 2**

D' Alterslimitten déi de Code de la Route virgesäit (18 Joer fir d'Kategorie C1 an C1E an 21 Joer fir d'Kategorie C an CE) kommen aus der europäescher Führerschäinsdirektiv a sinn deemno an all Memberstaat déi selwecht. Et kann een awer och scho mat 18 Joer de Camionsführerschäin (C) maachen, dofir muss een dann awer d'Beruffsausbildung beim Centre de Formation pour Conducteurs zu Suessem (CFC) maachen.

- **Ad 3**

Et ass am Moment effektiv esou, datt et beim CFC eng gewësse Waardezäit gëtt fir kënnen un esou enger Formatioun deel ze huelen. Dëst ass op e puer Grënn zeréck ze féieren. D'Pandemie hat, wéi an de Schoulen an och an aneren Ausbildungszentren, Auswierkungen op d'Aktivitéite beim CFC wou Coursen ausgefall sinn. Dës Weidere war 2021 an dëser Formatioun e Joer wou

besonnesch vill Leit hir Formation continue hu misse maachen, déi all 5 Joer ufält. Dëst erkläert sech doduerch, datt wéi d'Gesetz agefouert ginn ass, hunn all d'Chaufferen an enger kuerzer Zäit misse mateneen eng "Formation continue" maache fir kënnen als Berufschaffter ze schaffen. Dese Pic, och wann e mat de Joere manner grouss gëtt, war 2021. D'Zuel vun de Kandidaten an esou engem Joer ass bal duebel esou héich wéi an engem "normale" Joer (iwwert 2000 Kandidate am Verglach zu ëm déi 1000 soss) an den CFC huet all d'Kapazitéiten an dës Formatioun geluecht, fir datt d'Leit dës Formatioun am Délai maache konnte fir weider an hirem Beruff schaffen ze kënnen. Fir awer elo den Délai d'attente bei der "Formation initiale" nees op en normalen Niveau ze bréngen, huet den CFC seng Kapazitéiten nei orientéiert fir 2022 méi Leit kënnen eng "Formation initiale" un ze bidden. Dofir sinn och nei Formateuren agestellt ginn an et sollen der nach bäi kommen. Et sief nach erwäant, datt den CFC a stännegem Austausch mat de Vertrieeder vum Secteur ass fir mat hinnen no Léisunge bei eventuellen Enkpäss ze sichen.

- **Ad 4 :**

De Sputnik V ass keen unerkannten Impfstoff geméiss Artikel 1, Punkt 23° vum modifizéierte Gesetz vum 17. Juli 2020 iwwert d'Mesuren am Kampf géint d'Pandemie COVID-19 (COVID-Gesetz). Dowéinst ass et net méiglech entsprecheend Impfzertifikater hei zu Lëtzebuerg unzeerkennen, och net sektoriell oder ënnert Konditiounen.

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch